N°8326
Entrée le 19.09.2023
Chambre des Députés
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Fernand Etgen
Luxembourg, le 19.09.2023

PIRATEN
SENSIBILITĒ POLITIQUE
22, RUE DE L'EAU
L-1449 LUXEMBOURG

Fernand ETGEN
President vun der
Chamber vun den Deputéierten
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 19/09/2023

**Här President,**

**Sou wéi den Artikel 80 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech lech, dës parlamentaresch Fro un d'Ministere fir Aussenugeleeënheeten an Europa & Energie weiderzeleeden.**

Als politesch Reaktioun op d'militäresch Invasioun vun der Ukrain duerch Russland, hunn d'EU-Staaten wirtschaftlech Bestrofungen géint Russland decidéiert, dorënner een Importverbuet vu Pëtrol.

D'Plattform *tagesschau.de* beriicht, dass trotz den EU-Sanktiounen weiderhin russesche Pëtrol op den europäesche Maart gelaangt:

> *"Zahlen des Statistischen Bundesamts lassen den Schluss zu, dass Deutschland über Indien weiterhin größere Mengen russisches Öl importiert. Die Einfuhren aus Indien haben sich vervielfacht."*

An deem Zesummenhang wéilt ech de Ministeren dës Froe stellen:

1. Kann d'Regierung ausschléissen oder bestätegen, dass och Lëtzebuerg nach ëmmer russesche Pëtrol importéiert oder indirekt notzt an deemno nach ëmmer russesche Pëtrol am Tank vu Lëtzebuerger Autoe lant?

2. Wéi d'Plattform weider schreift:

   > "*Nach Untersuchungen des KSE Institute der Kyiv School of Economics wurde russisches Öl in den wichtigsten Exporthäfen des Landes aber zu deutlich höheren Preisen verkauft, zuletzt für mehr als 70 Dollar pro Barrel. Die von den westlichen Staaten erdachte Regelung könne nur funktionieren, "wenn Regierungen den Firmen glaubwürdig demonstrieren, dass sie diese auch durchsetzen werden", hatte Benjamin Hilgenstock vom KSE Institute dem "Spiegel" gesagt."*

   Wéi eng Moossnahmen sinn op europäeschem Niveau geplangt, fir d'Sanktionen géint Russland konkret ëmzesetzen, soudass een d'EU tatsächlech komplett vu russeschem Pëtrol ofschott?

3. Ginn et op EU-Niveau Iwwerleeungen, fir Handelspartnerlänner, wéi Indien, déi russesche Pëtrol un d'EU weiderverkafen, ze sanktionéieren? Wéi steet déi lëtzebuergesch Regierung zu esou Proposen?

Mat déiwem Respekt,

GOERGEN Marc

Deputéierten